

Gemeinde bemüht sich um gutes Zusammenleben der Einwohner in den Stadtvierteln

Instandsetzungsarbeiten des Ortskerns von Bonneweg sollen Mitte Juni ganz abgeschlossen sein

ph - In Anwesenheit von Stadtbürgermeister Paul Helminger und Mitgliedern des Gemeinde- und Schöffenrates sowie zahlreichen Einwohnern wurde gestern Nachmittag das in Stand gesetzte Zentrum des hauptstädtischen Viertels Bonneweg offiziell mit dem Durchtrennen des Tricolore-Bändchens seiner Bestimmung übergeben.

Was lange währt...

Bereits im Jahr 1992 wurde eine Konvention zwischen der Stadt Luxemburg und dem zuständigen Architekten unterzeichnet, die ein Instandsetzungsprojekt des Bonneweger Stadtkerns vorsah.

Nachdem die Fertigstellung der „Rocade de Bonnevoie“ bereits für eine Verkehrsberuhigung gesorgt hatte, wurde in enger Zusammenarbeit des Architekten mit den technischen Abteilungen der Gemeinde ein Plan ausgearbeitet, der sich insbesondere auf ein Teilstück der Rue de Bonnevoie (zwischen der Rue Auguste Charles und der Pfarrkirche sowie in der Rue des Ardennes) konzentrierte. Dabei wurde die Breite der Rue de Bonnevoie auf sechs Meter verringert und gleichzeitig der Bürgersteig durch die Anpflanzung von Bäumen vom Autoverkehr getrennt. Dieses Vorgehen ermöglichte ebenfalls die Verwirklichung von zusätzlichen Parkplätzen - 120 stehen den Automobilisten augenblicklich zur Verfügung -, in der Nähe der Geschäfte.

Ein lebendiges urbanistisches Konzept

Mit den Umbauarbeiten in Bonneweg, so Bürgermeister Paul Helminger, habe man der Sorge um das soziale Gemeinschaftsleben in den Stadtvierteln Rechnung tragen wollen. Ein Stadtkern sei ein Ort, wo Menschen sich treffen und wo Veranstaltungen stattfinden. Und gerade in dem bevölkerungsreichsten Viertel der Hauptstadt - Bonneweg zählt bekanntlich über 13 000 Einwohner -, habe man das Zentrum, die Seele der Ortschaft, so gestalten wollen, dass ein gemeinschaftliches Miteinander durch die verschönerte Raumgestaltung zusammengeschweißt werden kann.

An der Kreuzung Rue de Bonnevoie und Rue Auguste Charles entstand ein Kreisverkehr, der die Automobilisten darauf aufmerksam machen soll, dass sie sich in unmittelbarer Nähe eines Wohnviertels befinden. Dies soll eine positive Wirkung auf die Geschwindigkeit



Stadtbürgermeister Paul Helminger durchtrennte das Tricolore-Bändchen auf der Place Léon XIII (Photos: Teddy Jaans)

der Fahrzeuge in beide Richtungen haben.

Der „îlot central“ präsentiert sich nach der Veränderung als ko-

härente Einheit, die durch zwei öffentliche Plätze begrenzt ist. Hier befinden sich Einrichtungen wie Bushaltestelle, Fahrradabstell-

platz, Toilette sowie eine Luftmessstation. Um die Mauer der Schule in der Rue des Ardennes optisch zu verlängern, wurde der hier ange-



Die „Place Léon XIII“ ist die Seele des Stadtviertels Bonneweg

legte zusätzliche Parkplatz durch eine Eisen-Holz-Konstruktion zur Rue de Bonnevoie hin zum Teil abgegrenzt.

Der Kirchplatz wurde durch das Verlegen von Granitplatten in Beige und Grau sowie durch einen Springbrunnen, Bäume und Bänke verschönert und soll in Zukunft für öffentliche Veranstaltungen genutzt werden. Diese Veränderungen haben sich nicht nur auf die Lebensqualität, sondern auch auf die Effizienz des Busverkehrs in Bonneweg positiv ausgewirkt.

Dass die Instandsetzungsarbeiten länger als anfangs geplant dauerten, sei eine Konsequenz der sehr feuchten Wintersaisons in den vergangenen Jahren, erklärte Paul Helminger. Die technischen Dienste der hauptstädtischen Gemeinde hätten ein Lob für ihre Arbeit u.a. in den Bereichen Kanalisation, Gas, Wasser, Elektrizität verdient. Die Gesamtkosten beliefen sich dabei auf mehr als 143 Millionen Franken.

Er unterstrich anschließend, dass voraussichtlich vor Schulbeginn im September die Innenarbeiten in der alten Bonneweger Schule an der Place Léon XIII fertiggestellt werden könnten, so dass ab dem kommenden Schuljahr zusätzlich Leben in den Ortskern gelange.

Für die musikalische Umrahmung dieser Feier zeichnete die Musikgesellschaft aus Bonneweg verantwortlich.

Am 5. Mai von 14 bis 18 Uhr

„Porte ouverte“ beim Europäischen Gerichtshof

Im Rahmen der Feierlichkeiten zum Europatag organisiert der Europäische Gerichtshof am kommenden 5. Mai von 14 bis 18 Uhr einen Tag der offenen Tür. Der Eingang (Thomas More) befindet sich im Boulevard Konrad Adenauer gegenüber der BEL. Die Audienzsäle sind während dieser Stunden für das Publikum zugänglich. Die Aktivitäten der Institution werden in einem Film präsentiert, während die Mitarbeiter des „Service de presse et d'information“ die Webseite des Gerichtshofes vorstellen und in Konferenzen die Fragen der Besucher beantworten werden.

Ein Pendelverkehr-Service sichert die Verbindung zwischen der Place d'Armes und dem Gerichtshof.

NOTIZBLOCK

- «Amitiés Luxembourg-Argentine asbl». En collaboration avec le Club de danses latino-américaines des Communautés européennes, les Amitiés Luxembourg-Argentine invitent à une conférence sur le thème: «Le tango: une danse, une musique, un engagement», présentée par M. Raymond Becker, président de l'association et qui aura lieu le mardi 8 mai à 20.30 heures au Foyer européen, 10-12, rue Heine à Luxembourg-ville.

- Concert. De Comité an d' Musikanten vun der „Harmonie municipale“ Luxembourg Rollingergrund“ invitéiert op hire Fréijouers-Concert mat der Philharmonie Eitelbréck e Samschdeg, de 5. Mee, um 20 Auer am Festsall vun der Neier Schoul Rolléngergronn. Den Entrée ass 300 Frang. Um Programm stinn en Hommage un den Giuseppe Verdi a Wierker vum John Williams, Michael Kamen a Warren Barker.

- Stroossen. - Gedenkfeier fir verstorbenen a gefallenen Zwangsrekrutiert. D'Amicale des victimes du nazisme enrôlées de force“ (VNEF) vu Stroossen gedenkt e Sonndeg, de 6. Mee, ëm 10.30 Auer an enger feierlecher Houmass deene Stroosener Jongen, déi am leschte Weltkrich hier Liewen hu misse loosser oder bis haut nach verméist sinn. Encher Tradition getrei, déi seit Krichsenn oprecht erhalte gëtt, ginn déi frëier Zwangsrekrutiert mat de Gemengen-Autoritéiten, de Veräiner an der Populatioun no der Mass bei d'„Monument aux morts“ fir Blummen nidderzeleeën, fir sou ze symboliséieren, datt si nach ëmmer an selwechte Geescht solidaresch zesummestinn an der Erinnerung un d'Affer vun Ennerdréckung an Tyrannie. D'„Sonnerie aux morts“ an d'Nationalhymn beschlüssen dës patriotesch Feier.

- Walfer. - Konferenz. E Méttwoch, den 2. Mee, ass um 19.30 Auer am Projektionsall vum Centre Prince Henri eng Konferenz mat der Psychologin a Familientherapeutin Thérèse Michaelis. D'Konferenz mam Sujet „Pubertéit: wann Elteren ufänke schwierig ze ginn...“ gëtt organiséiert vum Suchtpräventionsgrupp Walfer an Zesummenarbeit mat der APEEP a „Mammen hëllef Mammen“.

ACFL

- Par Weimeschkerch. - De gemeinsamen Ausflug ass dést Joer donneschdes, den 31. Mee, an de „Pays de Bitche“. Den Départ ass um 6.45 Auer um Kierchberg, Parking, rue St-Fiacre/rue de la Lavande, um 6.50 Auer zu Weimeschkerch am Duerf, um 6.55

Auer um Arrêt bei der Klinik zu Eech an um 7 Auer zu Beggen um Arrêt bei der Kierch. Kaffi gëtt ënnerwee gedronk. Zu Bitche besteeft d'Méiglechkeet, entweder d'Citadelle ze goen oder mam „Train touristique“ ze fueren. Nom Méttgessen, dat am Restaurant „Relais des Châteaux Forts“ zerwiert gëtt, ass e Besuch vun der Cristallerie zu Meisenthal a vum „Musée du Sabot“ zu Soucht geplangt. D'Owesien ass am „Relais du Château de Mensberg“, zu Manderen. De Präis vum Ausflug ass 2 300 F, wann ee mat an d'Citadelle geet, an 2 200 F wann ee mam „Train touristique“ matfiert. De Betrag soll ee virum 15. Mee op de Postcheck CCPL 123243-53, ACFL-Sektioun Beggen oder op de Konto BCEE 1000/4712-9, ACFL Weimeschkerch, mam Vermerk „Ausflug op Bitche (Citadelle)“, oder „Ausflug op Bitche (Train touristique)“ iwwerweisen.

CSV

- Generalsekretariat. D'CSV deelt mat, datt d'Generalsekretariat e Méindeg, den 30. Abrëll, zou ass.

- Beggen-Weimeschkerch. - D'Sektioun lued an op hir Generalversammlung en Donneschdeg, den 3. Mee, um 19 Auer am Festsall vum Centre culturel zu Beggen (hannert der Kierch). No der Generalversammlung ass um 19.30 Auer eng grouss öffentliche Informationsversammlung, organiséiert vun der Sektioun an dem LCGB-Dummeldeng mam Thema: „De Verkeier am Uezechtdall! - Wellech Auswierkungen an Léisionsvirschléi fir d'Awunner?“, mam Transportminister Henri Grethen an dem eischen Schäffen vun der Stad Lëtzebuerg, Paul-Henri Meyers. Uschléissend Diskussioun.

Amiperas

D'Sektioun Lëtzebuerg Stad deelt mee Membere mat, dass se de 15. Mee en Ausflug op Stadriedemes mécht a vun do mam Schaff „Musel“ op Bech-Klengmaacher fiert, wou eng Visite A Possen uestean eng „Assiette maison“ bestallt ass, alles zum Präis vun 1000 F. Rendez-vous fir de Bus ass um 13.30 Auer op der Gare, um 13.45 Auer bei der Fondation Pescatore, an um 14 Auer um Square André (Lampertsberg). Sech umelle kann ee bis den 10. Mee an der Porte ouverte, 14. rue Ermesinde, L-1469 Lëtzebuerg (Tel. 22 39 77) oder duerch Iwwerweisung vun 1 000 Frang op der Sektioun hiren CCPL 23 388-11.

eng **KLACK** fir eis Sprooch 70

ACTIOUN-LËTZEBUGESCH EIS SPROUCH



Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, Gisèle Dupong, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Lex Roth, Roby Zenner, Pol Wilmes a Jeff Weis
Nächst Klack (71): 26.05.2001

Wiem seng Schreifweis?

L.R. - Loosst mer emol nach eng Kéier ganz kloer e puer Wieder iwwer d'Geschicht vun der Schreifweis vun Lëtzebuergesche soen. Vum Tunn Meyer un - 1839! - hat jidferee vun de Schreiwerten an eiser Sprooch seng perséinlech Orthographie. Dat ass näischt Bosseges an näischt apaart Lëtzebuergesche; dat fanne mir an alle Sproochen am Ufank vun Schriftlechen iwwerall.

Déi éischt Kéier, wou mir eng „allgemeng norméiert“ Schreifweis fir eis Sprooch begéinen, dat ass 1914, wéi de Professor Nik. Welter zesumme mat sengem Kolleg René Engelmann dat alleréischt Schoulbuch fir eis Sprooch erausginn huet, an zwar „Das Luxemburgische und sein Schrifttum“. Dat kennen der nach vill vun äis; leider huet et an de Schoulen ouni Annerung a Verbesserung geegeschert bis ... 1946!

No 1946 huet de Schoulminister Nic. Margue decidéiert, der Welter-Engelmann-Schreifweis den Hals ëmzedreinen; dat ass aus Ursache geschitt, déi traureg waren a pädagogesch souguer hireverbrannt, bei allem Respekt, deen en deenen dichtegen Hären hirem Undenke schëlleg ass a bleift. Dat ass eng haart Sprooch, mä et kascht bis haart, 55 Joer duerno, eis Sprooch esou vill Krämpes, Unsicherheit an Aarbecht, dat een et objektiv einfach net aus falsch verstanener „Pietéit“ ënnert den Tapis ka kieren. Ech géng och mengen, mir hätten no 30 Joer Surgen an Aarbecht op deem Gebitt, d'Recht, äis iwwer deen aremséigen Zustand vun deemolde e bësse Loft ze maachen.

1951, vrun der Publikatioun vun éischen Heft vun eise „groussen“ Dictionnaire, guf ënnert der Koordinatioun vun Professor Robert Bruch, eng Zort Mëschung vun de Schreifweise „Welter-Engelmann / Margue-Feltes“ gemaach; déi Orthographie ass 1972 duerch d'Interventioun vun der Actioun-Lëtzebuergesch (Heng Rinnen an L.R.) vum Här Minister Robert Krieps per „arrêté ministériel“ offiziell ginn; den Alain Atten hat dofir déi wëssenschaftlech Preparatioun gemaach. All Verdéngscht a jidfer Eier sollen do bleiven an dohinner kommen, wuer si gehéieren, kloer, daitlech an objektiv.

Eis Actioun-Lëtzebuergesch huet sech vun Ufank (1971) un absolutt un d'Schreifweis vum „Dictionnaire / Robert Bruch“ gehal an déi och mat all hire Mëttele an hirem Kënnen „ënnert d'Leit“ bruecht; den Här Aloyse Raths huet se als Enseignant am ISERP op eng exemplaresch Fassong bei de Schoulmeeschtesch-Studenten an déi jonk Leit bruecht.

An den 90er Joren huet eng héichoffiziell Kommissioun en etlech Vereinfachungen an Ännerungen un der „Bruch-Orthographie“ gemaach; déi sinn den 30.07.99 als „règlement grand-ducal“ erauskomm, also praktesch als Gesetz. Mir hunn äis direkt a ganz strikt doru gehal, ouni „wéi-wou-woufir-ower a mä“ ... et geet nëmme mat Disziplin an Uerdnung bei enger Schreifweis, egal watfir enger!

Dat sinn an e puer Wieder an ouni Gedeessens d'Wouerchten iwwer eis Orthographie. Et guf a gëtt also keng Schreifweis vum Lex Roth a keng vum Josy Braun. Just déi zwéi Schreiwerte waren nach ëmmer a sinn sech 100% eens am Respekt vrun deer EENZIGER Orthographie, déi OFFIZIELL ass. Dat huet emol eng Kéier hei, zesoe „fir hannert de Spijel“, musse festgehal ginn.

Merci hier an duer...

... Anne Brasseur
AL - „Eng kleng Hëllef fir Lëtzebuergesch ze schreiw“ heescht déi nei Brochure, déi de Schoulministère dëslescht erausginn huet. Eng gutt Saach, déi d'Actioun-Lëtzebuergesch mat Begeschterung begréisst. Ass dat dann elo eng „Konkurrenz“ fir äis? Jëmnen neen! Mir sinn éierlech frou fir alles, wat an eiser Sprooch a fir si gemaach gëtt, a soen häerzlech merci. Et geet ëm d'Saach! Wien hätt da vrun 30 Joer geduecht, datt eis Sprooch haut op deem Niveau a vun enger Ministesch perséinlech esou gutt gehollef krit ... dat ass formidabel, a méi schéin hätte mir äis et net kënnen dremen.

Déi nei Schreifweis-Brochure vum Educatiounministère setzt ganz beim Ufank an den Haaptelenter vum eiser Schreifweis un; wie weider dra wëllt goen, dee fémt méi Detailler um Schreifweis-Blat vun der Actioun-Lëtzebuergesch; wann een nach méi a genee drun interesséiert ass, dann ass dem Josy Braun säin Orthographie-Heft „aktuell“ eng Bomme-Geschicht. Et geet hei (wuelverstan!!) an deenen 3 Saachen natierlech ëm eng an déiselwecht offiziell Schreifweis ... eng wonnerbar Offer fir jidfereen, deen sech fir geschriwwent Lëtzebuergesch interesséiert!!

Um Ministère kritt een déi nei Brochure iwwer den Telephone 478-5100/-5224 ... oder dir bestellst se bei eiser Actioun-Lëtzebuergesch, Tel. 47 06 12 ... natierlech gratis!

... Emile ANGEL
... heescht dee Mann, vun deem dir vläicht ewell déi eng oder aner Kuerzgeschicht an enger Zeitung gelies huet; et wier bal ze wetten, datt si iech gefale

... den Antoine (Tunn) Meyer, gebuer den 31. Mee 1801!
De Papp vun eiser klenger geschriwwener Sprooch a Litteratur guf vrun 200 Joer matzen an der Stad gebuer; hien huet 1829 dat alleréischt Buch - e Bichelchen! - erausginn: „e Schréck op de Lëtzebuerg Parnassus“. Eis Actioun-Lëtzebuergesch an hir Membren éieren den lechternacher Mathematiks-Professor a Lécker Universitëitsprofessor dofir a sengem 200. Geburtsjoer op déiselwecht Fassong wéi eis Nationaldichter DICKS-LENTZ-RODANGE ... mat enger bronze Plack um Geburtsstaus an der Stad!

eist Lidderbuch

64 bekannte Lëtzebuerg Lidder am Täscheformat
Endlech hu mer lo am Land e praktescht Gesankbuch, „Eiser Lidder - fir mat ze sangen a mat ze spillen“, dat besonnesch de Cheier an de Veräiner an hirer Fräizäit, op hiren Ausflug, op hire Reese gutt Déngschter ka leeschten an ouni Gedeessens kann iwwerall matgeholl ginn. Et ass och vun de Begleeder um Piano, op der Gittar oder der Harmonika einfach ze gebrauchen, well bei all Lidd d'Akkorden derbäi stinn.

Eng technesch Neierung gëtt et och am Buch: et si vu viraan e puer Autocollanten direkt mat agebaut, op déi spéider nach aner Lidder kënnen gepecht ginn, wann se sollte gebraucht ginn.

D'Buch, dat een ouni Problemer an eng Pailtongstäsch ka stechen, huet e ganz flotten, faarwegen, plastifizéierten Deckel vum Ota Nalezinek, an ass mat senge 64 Lidder op 176 Säiten a véier grouss Kapitelen agedeelt: I. Land an Traditionen; II. Kannerzäit a -freed; III. essen, drénken, gekesken, laachen; IV. Dicksiana. D'Membere vun der „Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch“ kréien d'Gesangbuch geschenkt. De Verkaufspräis ass 360 F, also net emol de Präis vun engem Teller Spaghetti. D'Lidderbuch kann ee bestellen duerch Iwwerweisung vun 360 F an 80 F fir d'Onkäschen op de Postscheck 6644-48 vun der „Actioun Lëtzebuergesch“ mam Vermerk „Eiser Lidder“. Fir Gruppebestellung rufft een am beschten um Tel. 47 06 12 un oder et mellte ee sech iwwer Fax 22 24 90.

mir si geplënnert !!!
eis nei Adress ass:
Glesener - Strooss, 53b
L-1631 Lëtzebuerg-Gare
Téléphon: 470 612
Fax: 22 24 90 +45 83 89
E-mail: friedjan@pt.lu